N°2211
Entrée le 29.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2211 vum 10. Abrëll 2025 vun den éierewäerten Députéierten den Häre André Bauler a Luc Emering**

- **Wéi schätzt d'Madamm Minister d'Lag hei zu Lëtzebuerg de Moment an? Wat fir eng Kulturen si besonnesch vun der Dréchent betraff? Trëfft dat a speziellem Mooss op de Spargel zou?**
- **Bei wat fir eng Kulture riskéiert déi aktuell Dréchent zu irreparabele Schied ze féieren?**

Am Mäerz huet et iwwer Land ongeféier 80% manner gereent wéi an der Klimaperiod 1991-2020 (Asselbuer -80%, Kënzeg -89% an d'Stad Lëtzebuerg -80%). Nëmmen an der Muselgéigend war den Defizit manner staark, zu Réimech war dat ee Réckgang vun 38%. D'Dréchent huet sech haaptsächlech op flaachgrënge Biedem gewisen, déi net vill Waasser späichere kënnen.

Wëll di landwirtschaftlech Kulturen eréischt um Ufank vun hirer saisonaler Entwécklung waren, sinn hei méiglech Schied elo nach ganz schwéier anzeschätzen. Di kal Nuechten hunn de Planzen hier Entwécklung hei warscheinlech méi ausgebremst wéi d'Dréchent. Dat ass och de Fall beim Spargel, dee jo a méi déiwe Biedem geplanzt gëtt, an deenen nach Waasserreserven zur Verfügung stoe missten.

Am Wäibau hu just missten déi jonk Wéngerts-Planzen, déi dëst Joer geplanzt goufen, plazeweis bewässert ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN